

DOSSIER

WANTERGESCHICHT

# Et war emol ... e Wiesen ...

Sandy Heep a Cosimo Suglia

**D’Sandy Heep an de Cosimo Suglia entféieren eis mat hirer Geschicht zur Wanterzäit an de Bësch: Hei mécht sech e Wiesen op d’Rees an d’Ongewëssheet a gewënnt dobäi nei Erkenntnisser iwwer sech an d’Welt.**

D’Wiese war gefaangen. Nujee jiddereen deen sech elo e Prising virstellt, oder e Käfeg aus decke metallene Staangen, wou net mol méi eng Maische Plaz huet fir duerch, dee läit falsch.

Dëst Wiesen huet dobausse gelieft.

Ee grouse Bësch war säi Liewensraum. Hei waren d’Beem esou héich an esou dicht, dass ënnen um Buedem kaum méi Luucht war. Alles wat hei gewuess ass, war kleng a krappeg. Wann een eropgekuckt huet, huet een ëmmer just d’Neel vun de Fiichten, oder och grouss impressionant Blieder gesinn. Mat e bëssi Chance koum engem e Liichtstral entgéint, an an dësem hunn d’Wiesen sech all gesonnt. Déi kléng, an awer och eist Wiesen.

Well den Himmel also ëmmer däischter war, hunn sech vill vun de Bëschbewunner ugewinnt an de Bamspëtzen ze liewen. Wee klamme konnt, huet wäit uewe gelieft, mee eist Wiese konnt dat net. Et huet et oft probéiert, mee et ass ëmmer rëm un de Schuele vun de Beem ofgerutscht. Eist Wiesen ass Deel vum Buedem bliwwen, eleng an an der Däischtert.

Näischt war em gegonnt.

Awer de Bësch, dee pëspert. De Bësch ass seele roueg, dat weess jiddereen deen hei leeft. E schwätzt a braddelt, an hält déck, an dowéinst wosst och bal jidderee vun de Rumeuren, déi

sech verbreet hunn, wéi Niwwel um Fouss vu Bierger. Mir soen „Rumeuren” op dëser Plaz, well se dat bis elo waren. Och eist Wiese wosst, dass gären a vill ënner de Beem gepëspert gëtt. Ëmmer an der Hoffnung dem Alldag kënnen ze entgoen, och wann et just fir ee kuerzen onscheinbare Moment sollt sinn. An esou kouw et, dass och eist Wiesen, wat soss dem ganze Gebraddels keng Opmierksamkeet géif schenken, op eemol nogelauschtert huet.

„Dohannen, do wou kee Bam méi steet, wou d’Welt ophält, ass eng Stad, wéi keng aner,” sot de Bësch.

„Sich a fann, iergendwou, do am Hannerland,” fuerdert de Bësch.

„Maach dech net lächerlech,” laacht de Bësch.

Méi gouf net gesot. Et huet awer och net méi gebraucht, fir dass eist Wiesen, dat no esou kuerzer Zäit hei um Pabeier, fir ons scho bal ee Kolleeg ginn ass, sech net méi konnt konzentréieren. Et war, wéi wann d’Stëmmen et géifen entféieren.

Wann et mueres an der Däischtert erwächt ass, sech lues vum Buedem gehuewen huet, huet säin éischte Gedanken dem Mysterium gegëllt. An wann et owes, nach eier déi leschte Glous a senger Feierplaz verläscht ass, an et all Grond fir am Bësch kënnen ze bléiwe gesicht huet, huet et virun sech gepëspert. „Ech muss am Bësch bléiwen”, sot et sech, bis d’Spréck a senger Kopp un der Haut vu sengem Gesiicht gezunn hunn, a géint d’Gehierfruucht a sengem Kapp gebléit hunn.

Esou kouw et dann och, dass d’Wiesen sech iergendwann selwer net méi konnt héieren. Enges spéide Mueren ass eise Kolleeg opgestanen an huet sech op de Wee gemaach. Wouhin war no der Rumeur net wierklech gewosst, also ass et sengem Bauchgefill nogaangen.

Dëst Gefill huet d’Wiesen ëmmer weider an den Oste gedriwwen. Et war eng Iddi, de Gedanken an d’Hoffnung vläicht eppes Anescht ze gesinn, wéi nëmmen den Alldag am Gemauschels vum Bësch. Hei konnt et nämlech keng Rou fannen. Et ass getrëppelt bis et däischter war, iwwer Moos a Blieder, iwwer Steng a

Gestrëpps an duerch Baachen. Ouni ze laachen, ass et ëmmer weider,

weider,  
weider,  
weider,

weidergaangen a wann et eng Paus ageluecht huet, da just well et ze däischter war fir och nëmmen déi eege Patte virun Aen ze gesinn, oder well et dach awer mol eppes iesse huet missen.

De Gedanken „Fort, Raus” war wéi ee Virus: Waren déi Wierder mol bis an de Gedanken am Kapp, dann hunn si sech festgebass, wéi eng Zeck. Et spiert een se net. Nee, déi Zeck sëtzt fest a léisst sech all Zäit, fir sech d’Panz gutt voll mat frëschem Blut ze schloen. Mee iergendwann kënnt de Moment, wou deen, dee gebass a vun dësem klénge Parasit ausgenutzt gëtt, sech iwwer de Kapp fiert.

E fiert sech iwwer de Kapp a spiert, dass do eppes ass, wat net dohigehéiert. Obwuel e weess, dass do eppes ass, wat net dohipasst, weess en net, dass et eng Zeck ass. E kann se och net eraushuelen; e gesäit se guer net. Domadder muss en da liewen, well si lass ze ginn ass keng Optioun, si ze ignoréieren awer nach vill manner – an dat bléift hanken.

„Fort,Raus”, dat ass d’Zeck, déi um Wiese gesuckelt huet.

An esou si vill Deeg vergaangen; vill Deeg bei deenen eist Wiese just un dat eent konnt denken. Ëmmer weider Richtung Osten. „Fort, Raus”. Et huet net méi ëm sech gekuckt; et huet näischt méi vu senger Ëmwelt matkrut. Et huet net gesinn, dass net wäit fort vun em, ënne beim Pull Waasser, eng Famill vu Villercher souz, déi grad um Buede war. Et hat net gesinn, dass et a senger leschter Rietskéier laanscht ee Bam gaangen ass, wéi keen aneren. De Bam, en Aprikosebam, war immens kléng, am Verglach zu deenen, déi eist Wiese kannt huet.

Eist Wiesen huet nach vill aner Saachen net gesinn, well et ëmmer weider gezunn ass. A well et net opgepasst huet, ëmmer weidergetrëppelt ass, ass em net opgefall, dass alles sech esou lues verännert huet. Näischt war esou wéi a sengem Bësch, alles war méi kleng, et war krappeg. Sou kouw et, dass eise Frënd, eist Wiesen, no 24 Deeg op

eemol stoe bliwwen ass. Et konnt net faassen, guer net gleewen, wat et hei gesinn huet.

Alles war gro a voll mat Bläi, a sengem Bësch war et däitlech méi fräi. Riseg metalle Kiewerleken, hunn sech tëschent Haiser a Gebaier duerchgedréckt. Keng Persoun a keen Déier huet virun em gezéckt. Do war eist Wiesen, wéi verluer a keen huet sech ëm et gekëmmert, frësch heihin war et dach geplënnert!

D’Wiese war net sécher, elo wou et wéi all déi aner war, ob et déi richtig Entscheidung geholl hat.

„Sief net esou verbruet”, sot em en eeleren Här, deen a sengem Kär schonn däitlech vill Wonne gedroen huet.

D’Wiesen huet den Här dofir gelueft, wat hien iwwerrascht huet – wéi wann d’Kompliment him duuss iwwer de Kapp geheemelt hätt. Den Här huet sech gewonnert, war souguer richtig verwonnert, firwat een him an dëser Grousstad e Kompliment géif maachen.

„Wou kënns du dann hir, du Wiesen?”, huet den Här gefrot, manner aggressiv wéi nach virun. „Sief dach net esou fies mat dir”, huet hien sech héiere soen.

„Vu Wäitem hier, mä léiwen Här”, huet d’Wiese geäntwert a lues a lues den Drang vum Liewe gespuert.

Dat war nei, soss huet den Drang nom Iwwerliewen iwwerhand geholl. Hat et sech fréier bal goegelooss, war ëmmer op dee verlooss, soss wär et mat der Däischtert vum Bësch eent ginn.

„Bass du eleng ënnerwee, mä Frënd op e puer Been?”, huet den Här gefrot.

„Nawell, mee ech weess selwer net, wat ech wëll.”

„Wéi wier et mat engem Kaffi?”

D’Wiese war sech elo sécher: Et géif sech besser hei fillen, wéi an de Bëscher!

„Ech war esou, wéi s du”, sot den Här.

Seng Wunneng war voll mat Steng. „Kristaller” hat hien se genannt. Fir d’Wiesen huet dat keen Ënnerscheed gemaach, well et wousst net, wat dat eent vun deem aneren Ënnerscheede géif. An awer huet dem Wiesen dat mat de Kristaller gefall: D’Faarwe ware voll a prall, net gro oder schwartz, well dat hat d’Wiese gefaart.

„Ech hunn um Land gelieft, mä missen an d’Stad kommen”, huet den Här verroden.

D’Germanistin **Sandy Heep** an den Doktorant an der Literatur **Cosimo Suglia** hunn d’lescht Joer de Fanzine „Aner Welten“ zur Promotioun vu spekulativer Fiktioun zu Lëtzebuerg gegrënnt. Fir d’worxx hunn si d’lescht Joer d’Geschicht „Hypokrit“ geschriwwen; dëst Joer hunn si sech am Kulturpodcast „Um Canapé mat der worxx“ (Episod 29) mat der Isabel Spigarelli iwwer „Queer Literatur aus Lëtzebuerg“ ënnerhalen.



COPYRIGHT: PEXEL/ LUKE MILLER

Aus dem Bësch eraus an d'Stad: Do leeft der Sandy Heep an dem Cosimo Suglia hiert Wiesen.

„Hutt Dir och Stëmmen héieren?“  
D'Wiesen huet eng Schlupp vun der  
Taass Kaffi geholl, an et wousst nach  
net genau, ob et sech sollt trauen ze  
soen, dass deen em schmaacht. Et huet  
d'Taass zeréck op den Dësch gestallt.

Den Här huet dobäi geschmunzelt.

„Dat kéint een esou soen“, huet hie  
geäntwert. „Iergendwann gëtt et ze  
vill; mee dat spillt ee mat, dat éiweg  
Spill. Leider.“

„Gefällt et Iech an der Stad?“, huet  
d'Wiese gefrot.

Den Här huet sech no hannen an de  
Stull geluecht, nogeduecht, a senger  
Wull vu Gedanke gesicht, ass hei an  
do un d'Schwanke komm, an huet  
geäntwert: „Villäicht.“

D'Wiesen huet seng Taass eidel  
gedronk.

„Weess du, Kolleg, heiansdo kann  
een net erkläre, wat een dozou  
beweegt. Ech liewe schonn esou laang  
an der Stad. Hunn hei de gréissten  
Deel vu mengem Liewe gemaach.  
Sief dat op der Schaff, mat der Famill  
oder allgemeng an all sozialem Spill.  
Iergendwann freet een sech net méi,  
op engem eppes gefält oder net, well  
et eppes mat eisem Häerz mécht.  
Mir passen eis un, denken einfach  
net drun, an da leeft engem d'Zäit  
dervun.“

„Dat kennen ech allzegutt“, sot  
d'Wiesen.

„Mee du hues mir grad gewisen, dass  
een sech annere kann.“

„Wéi dat dann?“

„Du, Wiesen, esou kléng wéi s de  
waars, hues d'Däischtert an d'Stëmme  
vum Bësch gefaart; du hues et  
gepackt, dech lasszerappen, vun  
deen onsiichtbare Patten. Hues  
dech getraut, deng Angscht an där  
verstaut, a bass bis heihinner gereest.“  
Den Här huet seng Äerm gekräizt. „An  
dat, mäin neie Frënd, ass e Meritt,  
deen ee bei ville Leit net fënnt.“

Dem Wiesen säin Häerz huet geklappt,  
u senger Broscht gerappt, awer net  
wéi soss, wéinst Verloscht: Nee, et war  
d'Frëndlechkeet an de Fridden, déi  
sech a sengem Häerz niddergelooss  
hunn an éier et weidergeschwat huet,  
huet et op d'Kristaller gekuckt.

„Wëll Der mech besiche kommen? An  
de Bësch, mengen ech?“, huet et den  
Här gefrot.

„Dat géif mir Freed maachen“, sot den  
Här mat engem breede Laachen.

„Ech mierken elo den Ënnerscheed“,  
sot d'Wiesen dunn.

„Tëschent?“, huet den Här gefrot.

„Tëschent Steng a Kristaller.“

## ANNONCES

Den Oekozer Pafendall asbl sicht

## EEN/ENG ËMWELTBERODER/IN

### ÄR MISSION

- Berodung a Sensibiliséierung vu Veräiner, Gemengen  
an Entreprises am Beräich vun nohaltegen Eventer
- Ënnerstëtzung vun der Equipe bei der Organisatioun vu Workshopen  
a bei der Kommunikatioun vun de Projeten
- Ënnerstëtzung vun der Ëmweltberodung ënner anerem bei  
Projeten an den Themeberäicher nohaltegen Tourismus, Green Events  
an Offallvermeidung.

### ÄRE PROFIL

- Minimum Bac +3 am Beräich Ëmweltwissenschaften  
oder a verwandte Beräicher
- Erfahrung am Beräich Kommunikatioun ass vu Virdeel
- Teamgeescht a Kontaktfreudegkeet
- Eegestännegkeet
- Engagement a groussen Interessi am Beräich vun der Ëmwelt  
an der Nohaltegkeet
- Gutt Kenntnisser am Lëtzebuergeschen, Däitschen a Franséischen

### MIR BIDDEN

- Eng ofwiesslungsräich Aarbecht an enger flotter  
a multidisziplinärer Equipe
- Kontakt an Austausch mat vill verschiddenen Ëmweltakteuren
- Méiglechkeet praxisbaséiert Kenntnisser an diversen Ëmweltthemen  
opzebauen an ze verdéiwen
- 32-40 Stonne pro Woch
- CDD vun engem Joer (mat Perspektiv op Verlängerung)

Schéckt Är Kandidatur mat CV a Motivatiounsbréif bis den 22/01/2024 un

Oekozer Pafendall  
6, rue Vauban  
L-2663 Luxembourg  
oder un oekozer@oeko.lu  
Tel.: 43 90 30 40



**oekozer  
pafendall**

**Ich bringe Ihnen die woxx 6 Wochen gratis nach Hause**

**... auf Papier oder als PDF – Sie haben die Wahl!**



**Je vous apporte le woxx gratuitement**

**à domicile pendant 6 semaines**

**... sur papier ou au format PDF**

**– vous avez le choix !**



**dat anert abonnement / l'autre abonnement**

**Tel.: 29 79 99 • abo@woxx.lu • woxx.lu**